

E Platten

Krichsjoër 1944. E fréien Nomëtteg am Mee.

De Bierger Bierg aus drécken zwee Leit hire Velo. Scho kuurz nom Weckergronn waren se rofgeklommen. 'T geet en ze géi. D'Velostäsche si baschtevoll. An um Réck huet nach jiddereen e Rucksak.

Kuurz viru Bierg flucht de Mann. Säu viischt Rad as platt.

„Dat och nach!“, grommelt en a stéisst de Velo an de Gruef. De Mann setzt sech dernieft an den haalven Tälli a fiert sech mam Schnap- pech durch d'Gesicht.

D'Fra seet näischt, mä se léisst hiirt Rad och an den Hiwwel falen.

De Mann hëlt d'Fléckgeschir hannert dem Suedel aus der Liedertäsch an dréit d'Fligelschrauwe vun der Nuef.

D'Fra as nach em den Otem a bënt sech d'Kappduch lass.

„Soll ech der eng Schmir man? 'T as scho wäit iwwer Mëtteg!“

De Mann gët hir keng Äntwert, mä da's och eng. Si mécht hire Rucksak lass a fänkt un, dran ze kromen.

„Wéi war et zu Mënschecker?“, wëllt hie wëssen.

„E klenge Botterweck, eng hallef Zoossiss an en Dëppche Schmalz, da's alles. Se gin ëmmer méi kuschteg.“ Se garrelt mat engem Täschemesser un der Zoossiss. „Ech hun ëmmer Angscht, een ze begéinen, deen eis kennt.“

Hie brettz de Mantel vun der Felg.

„Gewass! Heirëmmer nët! Zu Manternach huet ee mer eng schmuel Säit Speck aus dem Reezhaische geholl. En hat gësch't owend den Englänner gelauschtert; se hätte gesot, d'Preise géife geschwënn apaken.“

E Schlëssel spréngt him wech an d'Gras, e fënt en nët direkt rëm. D'Fra reecht him d'Schmir, mä hie mengt, si soll se selwer ies- sen.

„Fir d'éischt de Platten!“

En hëlt der Fra d'Pompel vum Velo a pompelt de Schlauch op. Mat séngem Spaut versicht en, d'Lach am Schlauch ze fannen. D'Fra knat a kuckt him no.

„Stëmmt dat?“

„Alles Propaganda, sou séier nët.“

D'Fra hieft de Kapp a kuckt zur Bierger Säit.

„Héier ees! Héiers de näischt?“

Hie lauschtert, da rëselt en de Kapp.

„Dat ka villes sin.“

„Hues de den Owend keng VDB?“, wëllt si wëssen.

„Dach, mä ech gin nët dohin. 'T as herno vläicht gutt, wann een nët ze dacks do war.“

D'Fra laacht, en Toun ze gemeng.

„Dofir bas de ze laang mat der Spéngel doruechter gelaf!“ An no engem Ablack

mengt se nach, da wir also nët grad alles Pro- paganda.

Hie pompelt de Schlauch déck op, en huet d'Lach fond.

„Durch mech as de Mätt nët op Hinzert komm, dat hält waarm nom Krich.“

„An de Spielmann?“

„Bei engem Judd as näischt ze maachen, dat weess de.“

„Héier!“ seet d'Fra nach eng Kéier, an déi Kéier héiert de Mann et och.

„Dat si Panzer!“

„An lo?“ D'Fra as opgesprongen.

„Beroueg dech, 't si preisescher, watfir- reng soss?!“

„An eis Saachen? Du weess, wat se mat deene man, déi se beim Hamsteren erwë- schen.“

De Mann leet de Mantel nees op.

„Déi hun aner Suergen. An ech hun d'Parteikaart an der Täsch.“

Lo gesinn se d'Panzer ganz uewen op der Strooss. 'T sin der nëmnen zwee.

D'Fra mécht e Schrack an de Summer- wee. De Mann zitt d'Fligelschrauwen un a riicht sech op. Séng Fra fänkt un, mam Kapp- duch ze wénken. Hie wénkt mat der Pompel am Grapp.

An da gesäit en d'Fliger. 'T sin der dräi. Se si wéi aus dem Horizont eraus geschoss komm. Se fléie fofzeg Meter héich iwwer d'Panzer ewech.

„D'Englänner!“, birelt de Mann a rappt d'Fra mam Aarm an de Gruef. Iwwert dem Weckergronn dréien d'Fliger em. Ee kënnt riicht iwwer d'Strooss op d'Panzer duer, en huet e Bou iwwer de Rösbesch geschlon a kënnt vu léns erbäi, deen drëtten iwwer de Grousebesch.

De Spektakel war nët nëmnen zu Bierg ze héiren. D'Panzer waren op offener Strooss ausgeliwert, an déi vun uewen hun sech mat hire schwéiere Bordgeschëtzer nët gin a si wéi Harespelen ëmmer nees erbäi komm, bis d'Panzer allebéid houlen a geflaamt hun. Dunn as ee vun deenen zwee explodéiert an huet deen anere mat ëmgeworf.

Aus deem sin, wéi den Himmel nees propper war, zwee Zaldoten rausgeklotert an hun en drëtte bei dem Grousebesch begrue- wen.

D'Leit, déi no an no erbäi koumen, hun zwee Hamsterer mat hire Rieder fond, bal bei de Panzereen.

„Drot s'an de Pompjeeschapp“, sot een, dee virum Krich am Schäfferot war, an deen dem Mann d'Pabeiren aus der bannenzecher Paltongstäsch gezunn huet.

„Neen, loosst se leien!“, sot en du, „déi kënnen d'Preise selwer siche kommen“.

D'Bouwen hun sech d'Rieder geklaut; mat den Hamstertäsch. Ech stoung och der- bäi, mä ech konnt deemols nach nët fueren.

josy braun

